




Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg



Lëtzebuerg, den 12/06/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bidden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie, Mobilitéit & Umwelt, Klima a nohalteg Entwécklung weiderzeleeden.

D'Thema vun der Besteuerung vum Kerosinverbrauch war bei den Europawahlen ee grouss Sujet. Hei hunn déi 3 Regierungsparteien sech an engem Questionnaire vum Mouveco fir eng Besteuerung vum Kerosinverbrauch ausgeschwat. Aktuell existéieren an der Europäescher Unioun keng verpflichtend Steieren op de Kerosinverbrauch. An Am EU-Ministerrot vum 6te Juni huet déi lëtzebuergesch d'Délégatioun ee Punkt abruecht mam Titel "*Bekämpfung von Treibhausgasemissionen und Verkehrsüberlastung durch Preisgestaltung im Luftfahrtsektor – Informationen der luxemburgischen Delegation*". D'Dokument erwänt hei d'Besteuerung vum Kerosin als eng méiglech Optioun.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- 1. Wäert d'Regierung sech fir eng Besteuerung vum Kerosinverbrauch an der EU asetzen?
- 2. Am Rapport vum Ministerrot steet weiderhin, dass et ausser Fro stéing, d'Mobilitéit vun den EU-Bierger ze reduzéieren. Kann d'Regierung versécheren, dass potenziell Ëmweltmesürene an déi dovun ausgoend potenziell Präiserhéijungen d'Mobilitéit vu sozioekonomesch méi schwachen EU-Bierger net beanträchtege wäerten?
- 3. Huet d'Regierung schonn Zeenarien opgestallt, wéi eng Kerosinsteier (oder eng aner Measure nom Pollueur-Payeur-Prinzip) d'Aktivitéite vun der lëtzebuergescher Lofftaart beanträchtege géif?
 - Falls jo, wat wäeren d'Konsequenze fir de Passagéier- a Cargoverkéier um Findel?
 - Falls nee, wär et net opportun an nächster Zäit esou Analysen an Opdro ze ginn, fir preparéiert un d'Saachen unzagoen?
- 4. Strieft d'Regierung ee Réckgang vun de Passagéierzuelen um Findel un?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu